

Kënne mer iwwert dës Motioun à main levée ofstëmmen?

(Assentiment)

Vote sur la motion 1

Wie mat dëser Motioun d'accord ass, soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Dës Motioun ass domadder eestëmmeg ugeholl.

16. 8152 – Projet de loi portant modification de l'article L. 231-6 du Code du travail

Als Nächst hu mer de Projet de loi 8152, eng Ofännerung vum Artikel iwwert d'Sonndesaarbecht. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An als Rapportrice vun dësem Projet de loi héiere mer elo d'Madamm Francine Closener. Madamm Closener, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

Mme Francine Closener (LSAP), rapportrice | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Sonndesaarbecht ass am Prinzipp zu Lëtzebuerg verbueden. Allerdéngs gëtt et eng ganz Rei Ausnahmefäll, an deene Sonndesaarbecht ënner gewëssene Bedéngungen erlaabt ass. De Verbuet vun der Sonndesaarbecht geet op d'Joer 1913 zrëck, méi genee op d'Gesetz vum 21. August 1913. Schonn deemools goufen Ausnahmefäll festgehalen, an deene sonndes ka geschafft ginn.

Fir d'Muséeën gouf awer näischt virgesinn. Allerdéngs sinn d'Muséeën zu Lëtzebuerg wéi och soss iwwerall jo natierlech sonndes op. Dat ass duerch eng Ausnam am Code du travail méiglech, op déi sech d'Muséeën beruffen. An de sougenannten „entreprises de spectacles publics“ ass Sonndesaarbecht nämlech erlaabt. Juristesche gesi falen d'Muséeën allerdéngs net zu 100 % an dës Kategorie an dowéinst ass eng Upassung am Code du travail néideg.

Mir stëmmen haut also iwwer e Gesetz of, dat d'Sonndesaarbecht an de Muséeën am Code du travail reegelt. Dee respektiven Artikel vum Code du travail gesäit zéng Ausnahmepunkte fir, ënnert deene Sonndesaarbecht erlaabt ass. An duerch dëse Projet de loi gëtt nach en eelefte Punkt bei d'Ausname bäigesat, fir datt d'Muséespersonal ka sonndes aacht Stonne laang schaffen.

D'Muséeën hunn eng wichteg Roll an eiser Gesellschaft. Si erhalen a schützen de Räichtum vun eisem kollektive Patrimoine a maachen e fir d'Bierger accessible. Well d'Leit virun allem natierlech de Weekend Zäit fannen, fir an d'Muséeën ze goen, ass et ëmsou méi wichteg, datt d'Muséeën och sonndes op hunn, fir datt eebe méiglechst vill Leit vun dëser Offer kënne profitéieren.

De Projet de loi ass den 9. Februar 2023 vum Aarbechtsminister deponéiert ginn. Duerno hunn eng ganz Rei vu Beruffschamberen hiren Avis zum Projet ginn. Den éischten Avis ass den 21. Februar vun der Chambre des Métiers komm. D'Beruffschamber gëtt hiren Accord zum Gesetzesprojet a schwätzt sech an hirem Avis fir eng generell Flexibiliséierung vun der Aarbechtszäit aus.

De Staatsrot huet den 28. Februar säin Accord zum Projet ginn. D'Chambre de Commerce huet de 6. Mäerz och hiren Avis zum Projet ginn. Och si gëtt den Accord. D'Beruffschamber gëtt ze bedenken, datt et hirer Usicht no méi favorabel wier,

d'Sonndesaarbecht fir all Secteuren ze erlaben, amplaz mat Ausnamen ze schaffen. D'Chambre des Salariés huet de 16. Mäerz e favorabelen Avis zum Gesetzesprojet ofginn.

D'Kommissioun krut de 6. Abrëll de Gesetzesprojet presentéiert. An där Sëtzung goufen d'Avis vum de Chambres professionnelles a vum Staatsrot examinéiert an de Rapport ass de 27. Abrëll ugeholl a guttgeheescht ginn.

Här President, duerch dëse Gesetzesprojet gëtt also elo eng kloer juristesche Reegelung fir d'Sonndesaarbecht an de Muséeën geschafft, wat noutwendeg a gutt ass. Och ass et wichteg, datt d'Aarbechtskonditiounen vun de Salariéë, déi sonndes schaffen, net degradéiert oder verwässert ginn. Dowéinst gëllen och fir d'Muséesmataarbechter, déi sonndes schaffen, déi jëtzeg Reegelungen aus dem Code du travail.

An aus all dëse Grënn ginn ech hei natierlech och heizu den Accord vun der LSAP-Fraktioun.

Merci.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | An ech soen der Madamm Rapportrice Francine Closener villmools Merci a ginn d'Wuert un den éischten ageschriwwene Riedner, den honorabelen Här Marc Spautz. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Marc Spautz (CSV) | Merci, Här President. Och e grouse Merci un d'Rapportrice, d'Madamm Francine Closener. Wéi mer déi Diskussioun gefouert hunn iwwert d'Sonndesaarbecht, fir sonndes ze schaffen oder net, hu mäi Kolleeg Aly Kaes an ech eis e bësse méi jonk gefillt. Dat geet nämlech op d'Joer 1988 zrëck, wéi hei zu Lëtzebuerg ... D'Madamm Closener hat et schonn ënnerstrach: Schon 1913 ass déi éischte Kéier hei iwwer e Sonndesaarbechtverbuet geschwat ginn, mee 1988 war hei zu Lëtzebuerg eng grouss Diskussioun, fir an der Industrie iwwerall sonndes ze schaffen, an do ware gréisser Manifestatiounen weinst enger Fabrick, déi sech ronderëm Colmer-Bierg befënnt. An déi Manifestatiounen hu stattfonnt an enger Hal, déi dem Här Schaaf ganz gutt bekannt ass, wou Dausende vu Leit waren, wou et deemools drëm gaangen ass, fir eng Aktioun „I love mäi fräie Sonndeg“ ze ënnerstëtzen, an och vun do un d'Gesetz vum 1. August 1988 komm ass, wat och bis elo nach ëmmer Gültigkeit huet. Dofir, wa mer elo iwwer Sonndesaarbecht schwätzen: Sonndesaarbecht ass säit 1913 nach ëmmer en Thema hei zu Lëtzebuerg gewiescht an et wäert sécherlech och nach laang en Thema bleiwen.

Ech mengen, datt et awer wichteg ass, dass mer grad bei de Muséeën an och nach bei ..., dass mer do och driwwer diskutéieren, dass een iwwert déi Reegel vun deene véier Stonne muss erausgoen, dass et muss méiglech sinn, dass och déi Muséeën dann op sinn, wann den Tourist, wann de Lëtzebuerger och d'Méiglechkeet huet, an de Musée ze goen. Et wier nämlech komesch, wann s de géifs soen: „Elo gi mer de Musée kucken“, an da stéings de virun der Dier an da wier de Musée zou an et wier net méiglech, dat do ze maachen. Et ass och do wichteg, déi néideg Akzenter ze setzen.

Mee ech mengen, dass een och – an do huet d'Madamm Closener eppes gesot, wat ech ka matënnerstëtzen – eng Kéier muss dat Ganz op de Leescht huelen an eng Kéier all déi Ausnamebestëmmungen, déi et gëtt, vläicht diskutéieren: Wat muss méi kloer definéiert ginn oder och net? Et geet net nëmmen ëm déi véier Stonnen, mee och dorën, dass een d'Diskussioun muss féieren: Wat ass noutwendeg a wat ass wichteg, och fir de Lëtzebuerger Standuert? An och:

Wat ass wichteg? Mir sinn an enger anerer Kommissioun amgaangen, iwwert d'Attraktivitéit vum Tourismus hei zu Lëtzebuerg ze schwätzen. Mir sollten och do déi Diskussiounen féieren, an et wier do och wichteg, dat an engem rouege Kader ze maachen an net an iergendenger forcéierter Situatioun. Well meeschtens, wann een ënner Drock eppes mécht, mécht een et net esou gutt, wéi wann och aner Méiglechkeete bestinn. An duerfir sinn ech där Meinung, dass mer do eng Diskussioun sollte féieren.

An ech géif och do de Minister froen ... Ech weess elo net, ob et nach duergeet an dëser Legislaturperiod, well et ass vläicht e bësse kuerz, mee dass een awer fir de Rescht eng Kéier eng Diskussioun doriwwer kéint féieren, fir do Adaptatiounen, déi noutwendeg sinn, kënnen ze maachen. Ech erënneren och un de Santésecteur: Wann déi op eemol géifen decidéieren, se géife sonndes net schaffen oder den Hëllefsektor oder d'Restauratioun, da wier dat och eng grouss Schwierigkeet. An duerfir mengen ech, dass een doriwwer eng Kéier misst diskutéieren.

Fir de Rescht wëll ech am Numm vun der CSV den Accord ginn zu dësem Projet de loi an ech hoffen, dass d'Attraktivitéit vun eise Muséeën domadder nach méi grouss gëtt an dass nach méi Leit elo wäerten dohinner kucke goen, wann elo d'Situatioun vum Personal an deem Fall gekläert ass.

Villmools merci.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Spautz. An nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Carole Hartmann. Madamm Hartmann, Dir hutt d'Wuert.

Mme Carole Hartmann (DP) | Villmools merci, Här President. Ech géif ufänken, andeem ech der Rapportrice villmools Merci soe fir hir zwee Rapporten. Ech mengen, mat deem Gesetzesprojet hei gëtt eng vun de Grozonen, déi et haut nach gëtt, wat d'Sonndesaarbecht ugeet, behuuewen, spezifesch wat d'Muséeën ugeet.

Mee wéi awer och mäi Virriedner et scho gesot huet, gëtt et nach aner Secteuren, wou awer am Prinzipp och Sonndesaarbecht gelescht gëtt. Ech wëll just un de Secteur vum Sport erënneren, deen elo nach net ugeschwat ginn ass, och vu mengem Virriedner, eppes, wat mäi Kolleeg, de Claude Lamberty, och schonn e puermol ugeschwat huet, wat haaptsächlech d'Sporttrainere betrëfft, déi op Kompetitiounen awer dacks och sonndes intervenéieren, an et do eigentlech och e Kader misst ginn. Do wenden ech mech souwuel un den Aarbechts- wéi och un de Sportsminister, dee vläicht e Wuert ...

Une voix | Déi kenne sech jo.

Mme Carole Hartmann (DP) | ... – déi sech kennen –, deen och vläicht e Wuert dozou ka soen. Et gëtt awer och nach aner Secteuren an dem Fräizäitberäich, déi et touchéiert sinn, wou mer mussen doriwwer schwätzen, dass et awer sonndes och méiglech muss sinn, och fir d'Attraktivitéit eebe vun deene Sitten, wéi et virdru scho gesot ginn ass, héichzehalen.

Als DP hu mer generell eng e bësse méi liberal Approche, wat och déi Sonndesaarbecht ugeet. Duerfir, bei deem heite Projet fanne mer dat gutt, well och d'Muséeën effektiv sonndes op sinn an déi meeschte Visiteuren och iwwert de Weekend hunn. Duerfir mécht et Sënn, dass eebe och sonndes do geschafft gëtt.

Ech ginn duerfir den Accord vun der Demokratescher Partei. A voilà, mir sinn oppe fir eng méi liberal Vue op d'Sonndesaarbecht.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Hartmann. An ech ginn d'Wuert weider un den Här Charles Margue.

M. Charles Margue (déi gréng) | Merci, Här Präsident. Merci och un d'Rapportrice. D'Aarbechtszäitegeschicht vum Sonndeg ass effektiv eng ganz laang. De Marc Spautz huet op déi Pneufabrik um Rouscht do higewisen. Ech ka just soen, dass ech mat der clc éiweg ënnerwee war, fir d'Sonndesaarbecht an der Geschäftswelt ze reegelen. Et ass ëmmer schwierig gewiescht. An ech si frou, dass mer haut hei kënnen fir de Secteur vun der Kultur e Projet virleeën, deen d'Balance hält tëschent deene Leit, déi sonndes däreferen, müssen, kënnen schaffen, an eise Bierger alleguerten, fir dass mer Kultur kënnen genëssen. Et ass eng Fro vun Accès zur Kultur an awer och eng Balance, dass d'Sonndesaarbecht elo net einfach esou fräigeschalt gëtt, wéi wann et en aneren Dag wär. Dat si Kulturen, wéi se deisäit vum Atlantik üblech sinn an och am asiatesche Raum.

Mir si glécklecherweis an där Situatioun, dass mer eng gereegelt Aarbechtszäit hunn, a mir sollen dat och weider bäibehalen. An ech kann och novollzéien, dass all déi Secteure wéi de Sport, deen elo ugeschwat ginn ass, nach sollen och gereegelt ginn an dass mer déi Grozon do net hunn, net dass op eng Kéier Problemer entstinn, och mat enger Assurance accident oder esou weider, well mer hors la loi géife schaffen, unni et bewosst gemaach ze hunn oder gewollt.

Ech ginn dofir den Accord vun der grénger Fraktioun a merci der Rapportrice nach eng Kéier.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Margue. An d'Wuert ass elo fir den Här Jeff Engelen.

M. Jeff Engelen (ADR) | Merci, Här Präsident. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir unzefänken en häerzleche Merci der Madamm Francine Closener fir dëse Rapport. Et ass schréftlech a mündlech alles gesot ginn. Ech mengen, et ass wichteg, dass mer eis hei dem Gesetz upassen an do dat kloer reegelen. Well ech mengen, wa mer dat net kloer reegelen, kréie mir ëmmer méi Leit, déi musse sonndes schaffen, an ech mengen, dann ass et kloer, dass dat do esou gereegelt gëtt. Ech mengen, mir hunn et och an eenzelnen ... Virun 100 Joer huet kee vu Muséeberruffer geschwat, kee vu Sport an hei an do. A lues a lues komme mer an en Zäitalter eran, wou mer net wäerten derlaanscht kommen, eenzel Berruffer an déi Kategorie hei eranzepassen. Mir müssen nach gesinn, wat do d'Zukunft bréngt. Mee an deem Sënn ginn ech den Accord vun der ADR zu dësem Gesetz.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Engelen. An da ginn ech d'Wuert un d'Madamm Myriam Cecchetti.

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Jo, merci, Här Präsident. Der Rapportrice emol als Alleréischte e ganz grouse Merci fir hiren exzellente mündlechen a schréftleche Rapport. Ech mengen, mir ginn hei och den Accord vun der ADR zu dësem Gesetz.

Mir hunn hei eng vun de Grozonen, et ass scho gesot ginn, elo endlech wierklech gekläert. Mee et sinn der nach do. Et soll een dat alles elo wierklech op de Leescht huelen. Ech mengen, den honorabele Marc Spautz huet et och gesot: Mir sollen dat a Rou diskutéieren. Dat kréie mer souwisou net méi hi virum nächsten Hierscht, dat wier wierklech sportlech. Mee ech mengen, et soll ee sech wierklech déi Zäit huelen a kucken, wat fir eng Berruffer et wierklech gëtt, déi musse sonndes schaffen. Et gëtt där, dat ass ganz, ganz kloer, déi nach an där Grozon sinn, notament

och wat de sportleche Volet ugeet. An da soll een dat wierklech legiferéieren.

Mir sinn zwar net esou liberal wéi d'DP. Mir soen: Dat, wat muss sonndes sinn, soll och op sinn, an dat ass och eng gutt Saach. Ech mengen, mir müssen den Tourismus och férdere. Mir musse jo kucken, déi ganz Nischen do ze besetzen, an de Leit kloer Konditiounen ginn. Mee et gëtt och Saachen, déi net onbedéngt sonndes missten op sinn. Do si mir éischter derfir, dass een awer och soll kucken, dass d'Leit hiert Aarbechtswien an hiert Famillieliewen ënnert een Hutt kréien. Ech mengen, mir hu virdrun e Gesetz iwwert d'Dekonnexioun gestëmmt. Fir eis ass et och wichteg, dass awer d'Leit eng gewësse Work-Life-Balance hunn. An duerfir géllt et, dat hei wierklech ganz kloer ze reegelen.

Villmools merci fir d'Nolauschteren.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Cecchetti. An dat lescht Wuert huet den Här Sven Clement.

M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här Präsident. Glécklecherweis hunn ech net dat lescht Wuert, de Minister kënnt jo nach!

Merci als Éischt un d'Rapportrice fir de Rapport. Ech mengen, et ass wéi ëmmer e ganz ausféierleche mündlechen a schréftleche gewiescht, och wann et u sech e ganz kuerzt Gesetz ass, dat just eng Ausnam zousätzlech virgesäit, obwuel, wéi d'Virriedner/innen et gesot hunn, mer u sech eng ganz Rëtsch aner Ausnamen an deene Grozonen hunn, wat d'Sonndesaarbecht ugeet, a virun allem de Sport ass do genannt ginn.

Ech mengen, dass mer eis do wierklech laangfristeg müssen eng Kéier Gedanke maachen, wéi mer mat all deene Froen, mat all deene Besoinen ëmginn. Esou wéi mer et haut géleist hunn, dass verschidde Betriber kënnen de ganze Sonndeg opmaachen an dass do Sonndesaarbecht och erlaabt ass, well se an enger Zone touristique leien, kann een driwwer schwätzen, ob een op eng Tankstell an an de Supermaché Tourismus maache geet. Dat ass, mengen ech, eng Fro, déi ... Haut ass dat d'Ausnam, mat där verschidde Supermarchéen all Sonnden op sinn. An de Supermarché, deen net an enger Zone touristique ass, dee gëtt anescht behandelt. Ech mengen, dass mer do wierklech eng Kéier grondleeënd müssen iwwert d'Sonndeger schwätzen.

An ech mengen, mir hu virdrun iwwert den Droit à la déconnexion geschwat. Esou muss et natierlech och en Droit au repos ginn. An dat gëtt am Moment ënnerwandert mat enger ganzer Rëtsch Grozonen. An ech denken, do sollt ee fundamental an net nëmme mat Plooschteren driwwer schwätzen.

Fir eis ass et kloer: D'Personal an de Muséeë muss och kënnen sonndes schaffen, well ënnert der Woch, wann all déi aner Leit schaffen, ass et schwéier, an de Musée ze goen. Dat muss een einfach ...

(Interruption par M. Marc Spautz)

Et ass vläicht méi Plaz, Här Spautz, jo.

(Hilarité)

Et steet vläicht kee virum Bild, wann Der dann dee Moment kucke gitt. Mee et ass natierlech wichteg, wa mer Leit wëlle Kultur méi no bréngen an och Famillje wëllen encouragéieren, mat hire Kanner zum Beispill an de Musée ze goen, da müssen d'Muséeë weekends op sinn. A fir dat ze erméiglechen, brauch ee Personal, soss geet et net. An deementsprechend – dat heiten ass jo och mat de Personalvertrieeder ofgeschwat – gi mir eisen Accord, fir dass d'Muséeën och an Zukunft kënnen legal sonndes operéieren.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Aarbechtsminister Georges Engel.

Prise de position du Gouvernement

M. Georges Engel, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire | Jo, merci, Här Präsident. Merci och der Rapportrice fir de gudden schréftlechen a mündlechen Rapport. Si huet et gesot: Vun zéng Ausnamereegelungen gi mer elo op eelef Ausnamereegelungen. Déi eeleft ass dann déi vun de Muséeën.

Iwwregens, fir dem Här Spautz direkt ze äntweren: Déi aacht, dat ass déi fir alles, wat Secteur de soins an Altersheim an esou weider ass. Duerfir, dat ass hei scho gereegelt. An et gëtt och nach aner Saachen, déi iwwert de Punkt 5, „entreprises de spectacles publics“, och kënnen gereegelt ginn.

Mee fir et méi kloer ze maachen a fir et hei aus enger Grozon erauszehuelen, hu mer dee Punkt vun de Muséeën nach derbäigesat. Ech stëmme jiddwerengem zou, dass een dat muss nach eng Kéier op de Leescht huelen.

Et ass ugeschwat ginn: Spektakel, Tourismus an de Sport. Dat ass ganz richteg. Mir haten och do scho Reunione mat deene richtege Leit zesummen. D'Fro ass déi vun der Definitioun a wéi een et ganz kloer ëmräisst, fir dass een net an engem Secteur touristique, deen eng grouss Fläch kann hunn, alles op huet an op anere Plazen dat dann net op huet.

D'Fro ass awer och déi vum Arbeitsschutz vun de Leit, vun de Salarieën, fir déi ze schützen. Et ass awer och eng Fro vu gesellschaftlechem Liewen. Wëlle mer, dass sonndes muss oder ka souvill geschafft ginn? Oder wëlle mer och vläicht de Rhythmus an der Woch behalen, dee mer elo hunn? Sechs Deeg oder fënnf Deeg schaffen an zwee Deeg éischter fräi hunn? Alles dat ass eng Fro, eng gesellschaftlech Fro. Et ass eng Fro vu Work-Life-Balance, déi mer sécherlech müssen ugoen. Mee fir elo mol dat heiten ze reegelen, hu mer déi Muséeën hei bei déi Ausnamebestëmmungen bäigesat. Ech soe jiddwerengem Merci fir den Accord.

Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Engel.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8152. Den Text steet am Document parlementaire 8152⁵.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8152 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 60 Jo-Stëmmeen eestëmmeg ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Laurent Mosar), Paul Galles, Léon Gloden (par M. Jean-Marie Halsdorf), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Octavie Modert), Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Claude Wiseler) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. André Bauler), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana (par Mme Simone Asselborn-Bintz), Mmes Tess Burton, Francine Cloener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par M. Yves Cruchten) et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy (par Mme Josée Lorsché), Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par M. Marc Hansen), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

17. 8211 – Projet de loi modifiant la loi du 16 décembre 2022 autorisant l'État à participer au financement du surcoût des produits énergétiques et d'électricité supporté par les centres intégrés pour personnes âgées, maisons de soins, logements encadrés pour personnes âgées et centres psycho-gériatriques agréés en vertu de la loi modifiée du 8 septembre 1998 réglant les relations entre l'État et les organismes œuvrant dans les domaines social, familial et thérapeutique

Den nächste Projet de loi ass de Projet de loi 8211 iwwert d'Bäihëlfe fir d'Erhéijung vun den Energiekäschte vu verschiddenen Heemer. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den Här Gilles Baum. Här Baum, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission spéciale « Tripartite »

M. Gilles Baum (DP), rapporteur | Merci, merci, Här President. Déi zwee Gesetzter, déi elo kommen, dat si Gesetzter, déi Der kennt. Dat sinn d'Verlängerunge vu Gesetzter, déi mer de 16. Dezember (veuillez lire: den 8. Dezember) d'lescht Joer hei gestëmmt haten.

Beim éischte Gesetz geet et drëm, de Punkt 8 aus dem Tripartitt-Accord vum 3. März dëst Joer ëmzesetzen, dem Accord, dee fonnt gi war tëschent dem OGB-L, dem LCGB, der CGFP, der UEL an der Regierung.

Am Gesetz vum 16. Dezember hate mer festgehalten, dass d'Steigerung vun den Energiepräisser, déi géif zoukommen op d'CIPAen, d'Centres intégrés pour personnes âgées, op d'Maisons de soins, op d'Logements encadrés pour personnes âgées an d'Centres psycho-gériatriques agréés, net sollt un d'Leit weiderfacturéiert ginn, mee dass den Iwwerschoss vun de Käschte géif vum Staat iwwerholl ginn.

Eenzeg d'Präisevolutioun, déi duerch den Index kënnt, kann un d'Leit weiderfacturéiert ginn, mee net d'Deierecht un den Energiepräisser. Déi gëtt gedeckelt an déi gëtt dann och vum Staat iwwerholl.

Dëst Gesetz, dat elo scho leeft, gëtt verlängert bis den 31. Dezember dëst Joer (veuillez lire: bis den 31. Dezember d'nächst Joer), an de Käschtepunkt vun dëser Mesür läit bei 6.609.000 Euro – geschätzt. Dat hänkt natierlech dervun of, wéi d'Evolutioun vun den Energiepräisser dobaussen ass.

Fir weider Detailer verweisen ech op mäi Rapport an ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci dem Här Rapporteur Gilles Baum. An éischten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Spautz.

Une voix | Den Här Roth.

M. Fernand Etgen, Président | O, Här Roth, quel honneur!

(Hilarité)

Discussion générale

M. Gilles Roth (CSV) | Merci. Mir sinn d'accord.

(Hilarité)

M. Fernand Etgen, Président | Très bien, Här Roth. An da geet d'Wuert weider un den Här Yves Cruchten.

M. Yves Cruchten (LSAP) | Ech schlësse mech deem un. Ech ginn och den Accord vun der LSAP.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | An da kënnt d'Madamm Josée Lorsché.

Mme Josée Lorsché (déi gréng) | Ech ginn den Accord vun deene Grénge an soen awer och Merci fir de Rapport.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Lorsché. Dann ass et um Här Fernand Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Idem, Här President.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Kartheiser. An da wier et un der Madamm Cecchetti.

Plusieurs voix | O!

(Hilarité)

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Esou einfach geet dat hei awer elo net. Elo hat Dir gemengt, Dir kéint eng hallef Stonn éischter heemgoen. Nee, nee, nee, nee!

Här President, als Alleréischte dem Rapporteur emol e grouse Merci fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport. Am Virfeld direkt: Mir stëmme dëse Projet de loi mat.

Une voix | Très bien!

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Et ass jo eng Adaptatioun vum éischte Gesetz aus dem Dezember vum leschte Joer, wou et drëms goug ze verhënneren, dass déi héich Energiepräisser op d'Hebergementskäschten an Alters- a Fleegeheemer duerchschloen. Mir kritiséieren awer op en Neits, dass d'Präisser an den Heemer vill ze héich sinn.

D'CSL – net mir, mee d'CSL – huet ausgerechent, dass 77 % vun de Fraen an den Altersheemer eng Rent hunn, déi ënnerhalb vun den Hebergementskäschte läit. Hei muss dann de Fonds national de solidarité asprangen. A mir wësse jo, dass dës Hëllef remboursabel ass, wat zum Deel zu ganz ongerechte Situatiounen féiert fir d'Nokomme vun de betraffene Leit an eeben an éischter Linn eeler Fraen an den Heemer.

Am Gesetz ass weiderhi virgesinn, dass d'Heembredreier vun der Hëllef ausgeschloss ginn, wa se d'Hebergementskäschten an enger vun den zwou Perioden hei am Gesetz eropsetzen, wat jo net méi wéi richteg ass. Dobäi sinn awer – den honorabelen Här Baum huet et gesot – d'Indexpassungen ausgeschloss. An do läit awer e fundamentale Problem. Eng 2,5 %-Erhéijung vun den Hebergementskäschten an den Heemer ass net gerechtfertegt.

D'Hebergementskäschte setze sech nämlech aus vill verschiddene Käschten zesummen, fixer wéi

variabler. D'Léin vun den Ugestalten an den Heemer maachen net 100 % vun den Hebergementskäschten aus. De Präis fir d'Zëmmer muss jo net mam Index eropgoen. Dat ass och bei den normale Mietwunnengen net erlaabt, obwuel do jo nach aner Iwwerleeungen a puncto Rentabilitéit vum Invest matspillen. Eng pauschal Erhéijung vun 2,5 % no enger Indexbranche ass also op kee Fall gerechtfertegt. Heibäi handelt et sech also ëm eng verstoppt Erhéijung vun den Tarifier, wat bei méifachen Indexbranchen och wierklech abusiv ka sinn.

Besonnenesch problematesch gëtt et dann och erëm fir déi 77 % Frae mat Renten, déi méi déif si wéi d'Hebergementskäschten. Déi kréien zwar och hiren Index op hirer Rent, mee vu dass dee Montant méi geréng ass, geet d'Schéier tëschent der Rent an de Käschte vum Hebergement duerch eng pauschal Erhéijung ëm 2,5 % natierlech ëmmer méi auserneen.

Dass d'Energiepräisser also net op d'Hebergementspräisser duerchschloen sollen, ass natierlech ze begreissen. Dass déi grouss Gewënner heibäi awer trotzdeem d'Heembredreier sinn, déi engersäits Sue vum Staat kréien, fir parallel awer kënnen d'Präisser ondifferenziéiert mam Index eropzesetzen, ass fir eis net akzeptabel!

Merci fir d'Nolauschteren.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Cecchetti. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen.

M. Marc Goergen (Piraten) | Merci, Här President. Mir sinn och averstanen.

Plusieurs voix | A!

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, d'Madamm Familljeministesch Corinne Cahen.

Prise de position du Gouvernement

Mme Corinne Cahen, Ministre de la Famille et de l'Intégration | Jo, villmools merci fir déi breet Zoustëmmung. Ech wëll awer just eng Kéier kuerz soen, dass dat falsch ass, wat Der gesot hutt, well d'Salarien, wann déi ëm 2,5 % an d'Luucht ginn, da bezitt een eebe mat de Präisser vum Hebergement d'Salarien. An de Staat, deen intervenéiert just an der Assurance dépendance an den Alters- a Fleegeheemer a soss iwwerhaupt net. Déi mussen sech alleguer selwer droen.

Dofir villmools merci fir Är breet Zoustëmmung a merci och dem Rapporteur fir säin exzellente mëndlechen a schrëftleche Rapport. Ech mengen, et ass alles gesot ginn.

Merci.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci der Madamm Familljeministesch Corinne Cahen. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8211. Den Text steet am Document parlementaire 8211².

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8211 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 58 Jo-Stëmme bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Jean-Marie Halsdorf), Paul Galles, Léon Gloden (par Mme Nancy